

LÉIF BOMA,
LÉIWE BOPA,

LOOSST IERCH NET BEDUCKSEN!

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires intérieures

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Famille, des Solidarités,
du Vivre ensemble et de l'Accueil

POLICE
LËTZEBUERG

OCH ÄR ENKELIN RÉIT IECH:

Friemer virun der Dier?

Onéierlecher gi sech oft als Handwierker, Polizisten, Mataarbechter vun Administratiounen oder Entreprisen aus. Loosst keng friem Persounen einfach an d'Haus!

Dier zou a fir d'éischt iwwerpréiwen!

Uruff vun engem „falschen" Enkel?

Onéierlecher gi sech um Telefon oft als Enkel, Famill, Polizisten oder aner Autoritéiten aus a setzen hier Affer ënner Drock. Passt op, falls plëtzlech Suen oder perséinlech Donnéeë verlaangt ginn.

Anhänken an am Zweiwel selwer d'Police um 113 uruffen.

Opgepasst bei Gewënnspiller an Online-Bedruch!

Wann dir fir e Gewënn bezuele musst, dann ass et e Bedruch! Wann dir Bankdaten oder Passwierder online oder iwwer Telefon matdeele musst, dann ass et och Bedruch!

Net bezuelen! Keng Date weiderginn.

Am Zweiwelsfall: 113!

Wann iech eppes verdächteg virkënnt:

Dier zou! Anhänken! Net bezuelen! Näischt matdeelen!

Méi Informatiouen: police.lu/arnaques